1'000 € pour « Kanner fir Kanner a.s.b.l. » (dans le cadre de l'ovation organisée pour Monsieur Marc Hansen) ; 250 € pour « Op der Schock a.s.b.l. » ; 250 € pour la Fondation Cancer du Luxembourg ; 200 € pour « Friends of Patton's 26th Infantry Division » ; 150 € pour le Conseil National des Femmes ; 150 € pour la Sécurité Routière ; 150 € pour l'Association des Victimes de la Route ; 100 € pour « 385th Bomb Group Memorial Museum Perlé a.s.b.l. ».

# DIPLOMÜBERREICHUNG AN SCHÜLER DER MUSIKSCHULE KANTON REDINGEN



[Foto: Charles Reiser]

1. Reihe von links nach rechts: Anne Fisch, Claire Koster, Lea Frank, Max Wies, Sandy Bissen
2. Reihe von links nach rechts: Karin Pick, Fernand Muller (Präsident, Musikschule Kanton Redingen), Nora Schaul, Charles Wolff, Ulric Berg (Direktor, Musikschule Kanton Redingen), Pollo Bodem (Bürgermeister, Gemeinde Useldingen)

Folgende Schüler aus der Gemeinde Useldingen konnten ihr Diplom anlässlich der Diplomüberreichung der Musikschule Kanton Redingen am 12. Juli im Atert Lycée entgegen nehmen:

Sandy Bissen, Everlange
Anne Fisch, Ripweiler
Lea Frank, Useldange
Claire Koster, Useldange
Karin Pick, Useldange
Nora Schaul, Rippweiler
Max Wies, Useldange
Charles Wolff, Everlange

# GENDERHAUS BABYSITTER-FORMATIOUN

Mir haten den 16. an 17. Juli 2014 eng Babysitterformatioun vun 10 Stonnen. Et hunn am Ganzen 19 Meedercher a 4 Jonge matgemaach.

Hei ass déi aktuell Lëscht vun all de Jugendlechen aus eiser Géigend.

**Das Genderhaus übernimmt keine Verantwortung für die Vermittlung der Babysitter!**

| Name Vorname | Ort | Tel | Gebuertsdatum |
|---|---|---|---|
| Alves Dias Vania | Ell | 621 256 036 | 18/09/96 |
| Antony Ben | Brouch | 621 298 609 | 22/07/99 |
| Baldassi Laurent | Ell | 621 458 329 | 21/07/99 |
| Faber Fabienne | Ehner | 691 416 191 | 13/07/96 |
| Goncalves Rodrigues Melany | Ospern | 621 572 431 | 11/11/98 |
| Habets Jenny | Grevels | 621 593 392 | 17 Joer |
| Klein Nathalie | Petit-Nobressart | 691 616 178 | 07/09/96 |
| Kuborn Véronique | Beckerich | 691 475 086 | 15/01/98 |
| Kuborn Elisabeth | Beckerich | 621 718 324 | 06/05/99 |
| Lanners Christine | Kappweiler | 661 201 032 | 19/02/98 |
| Leick Marie-Anne | Redange | 621 546 465 | 25/12/97 |
| Meis Laure | Beckerich | 691 988 546 | 17/03/98 |
| Peters Lea | Redange | 621 696 701 | 17/01/00 |
| Raposo Sabrina | Grosbous | 621 729 331 | 18/08/97 |
| Saar Lisa | Noerdange | 621 428 148 | 22/12/96 |
| Wampach Yana | Beckerich | 621 222 677 | 16/09/98 |



## Dimanche, 19 octobre 2014

# WEEK END DU BOIS

### L-8521 Beckerich 103, Huewelerstrooss

Comme chaque année depuis 2007, une grande fête aura lieu au et autour du moulin de Beckerich. Cette année, le thème développé sera **"Touchons du bois !"**. A côté du travail artisanal du bois, vous trouverez aussi des sculptures en bois, un spectacle de marionnettes ainsi que bien d'autres activités liées au bois. Une belle occasion de venir faire la fête en famille!

**Nous vous proposons aussi une activité exceptionnelle:**

### De 9h à 12h : Un atelier réservé pour les papas et leurs enfants pour apprendre à travailler le bois vert !

Ce genre d'atelier où on peut travailler du bois vert et confectionner des objets artisanaux ravit toujours les enfants et les adultes. Après une introduction sur le maniement des outils, les enfants et les papas confectionneront quelques petites pièces en bois ou des jouets qu'ils pourront emporter à la maison. Mais ce qui est exceptionnel est que les bancs à sculpter, les établis, les tours, bref, tout le matériel utilisé sera en bois. Cet atelier est un véritable musée vivant de l'artisanat accessible à tous et où petits et grands trouveront beaucoup de plaisir à travailler le bois !

**Participation:**
15 € / **20€** avec 1/**2** enfant(s)
**Inscription obligatoire** auprès de genderha@pt.lu ou Tél.: 26 62 09 87



**Animateur de l'atelier:**
Michael Heuberger
www.gruenholzmobil.de

**Atelier de bois vert ouvert de 12h30 à 18h00**
pour les familles et toute personne intéressée. Inscription non obligatoire et gratuit.

## Sonntag, den 19. Oktober 2014

# WEEK-END DU BOIS

### L-8521 Beckerich 103, Huewelerstrooss

Wie jedes Jahr findet im Rahmen des **WEEK-END DU BOIS** ein großes Fest auf dem Gelände der Beckericher Mühle statt. Das Thema für 2014 heißt **"Pak Holz un!"** und zeigt neben traditioneller Handwerkstechnik auch Holz-Skulpturen, ein Marionetten-Spektakel und vieles mehr. Ein Fest für die ganze Familie!

**Wir möchten Sie auf eine ganz besondere Aktion an diesem Tag aufmerksam machen:**

### Workshop für Väter mit ihren Kindern in der Grünholzwerkstatt: 9h00 – 12h00

Das Arbeiten mit frischen Hölzern und Handwerkzeugen ist eine Kulturtechnik, die Kinder und Erwachsene gleichermaßen begeistert. Nach einer Einführung in die Handhabung der Werkzeuge können **Kinder und Väter** eigene kleine Werkstücke und/oder Spielzeuge herstellen und mitnehmen. Ein Werkzeugmuseum zum Anfassen, Holzspiele und vieles andere mehr laden ein zum Ausprobieren und Spielen.

**Partizipation:**
15 € / 20 € mit 1/2 Kind(ern)
**Anmeldungen:** genderha@pt.lu
Tel.: 26 62 09 87



**Workshop-Leiter:**
Michael Heuberger von
**www. gruenholzmobil.de**

**Offene Grünholzwerkstatt von 12h30 – 18h00**
für Familien & alle Interessierte (ohne Anmeldung)

---

## AKTIV MAMMEN AUS DER GEMENG USELDENG

**Turnprogramm fir d'Saison 2014 / 2015**

***Eis Couren fänken Méindes, den 15. September 2014 nees un!***

| | | |
|---|---|---|
| **Méindes:** | **BODYSHAPE** | **19:00 - 20:00 / Corinna** |
| | **PILATES mixte** | **20:00 - 21:00 / Corinna** |
| **Donneschdes :** | **ZUMBA** | **20:00 – 21:00 / Stephie** |
| | | **New instructor** |

**Rendez-vous an der Sportshaal zu Useldèng**

| | |
|---|---|
| ***Präiss pro Stonn :*** | *3,50 Euro fir Erwuessener* |
| | *3,00 Euro fir Studenten* |
| | *( Verkâf vun Carneeën fir 10 x )* |
| ***Memberskaart :*** | *7,00 Euro* |

***Fir weider Informatiounen kënnt Dir Iech mellen um Telefon : 23 630 220 oder 23 630 680***

# NOBLE GESTE DER PFARRVERBÄNDE GROSBOUS/OSPERN UND BECKERICH/ USELDINGEN

TEXT/FOTO: CHARLES REISER

## Erlös der Hilfsaktion über 9.250 Euro überreicht

Grosbous: Seit Jahren organisiert der Pfarrverband Grosbous- Ospern eine Hilfsaktion um verschiedene uneigennützige Werke zu unterstützen. Dieser Tage konnte die Vereinigung „CSI- Lëtzebuerg" die durch Präsident Bob Kirsch und Sekretärin Dominique Von Leipzig vertreten war, sich über den Empfang eines Schecks über 8.500 Euro im Verlauf einer kleinen Feierstunde im Pfarrsaal in Grosbous, erfreuen. Diese Summe stellt den Erlös des Benefitsessens, der Abschiedsfeier von Pfarrer Rainer Gresch, die Einführung des neuen Pastoralteams, der Seniorenfeier, der Kollekten der Kommunionsmessen aus Ell, Grosbous, Bettborn, Redingen und Wahl sowie verschiedener privaten Spenden dar.

Desweiteren wurde ein Scheck über 750 Euro an Pfarrer Mathieu Janssen überreicht, der für sein Projekt „un jardin pour tous" im Kongo bestimmt ist. Diese Spende kam seitens des Pfarrverbandes Beckerich/Useldingen sowie des Dekanates Ospern zusammen. Wie Bob Kirsch im Rahmen einer Bilderprojektion dankend erklärte, wird CSI-Luxemburg mit dem Scheck ihr Projekt zur Aus- und Weiterbildung von Kindern die in extremer Armut im Bangladesch leben, finanzieren.

Abschließend dankte Dechant Nico Jans und Pfarrassistentin Nicole Kleer allen Leuten und Kindern beider Pfarrverbände die zum Gelingen dieser erfolgreichen Hilfsaktion beitrugen.



# BËSCHWOCH JULI 2014

Seit 5 Joer ginn d'Kanner aus der Spillschoul regelméisseg an den „Hieselbësch" an d'Bëschschoul. Am Ufank war dat op engem Nomëtteg, mee zënter mir e klénge Chalet mat Uewen a Feierplaz hunn, gi mir während engem ganze Moien an de Bësch.

Well d'Kanner an d'Joffere sou bëschbegeeschtert sinn, hu mir dëst Joer ausprobéiert, fir während enger ganzer Woch an d'Bëschschoul ze goen.

All Dag si mir zu Fouss an den Hiesel gaang an hunn do verschidden naturpädagogesch Aktivitéiten erlieft:



Mat Hëllef vun den Elteren hu mir e grousse Bëschcanapé gebaut.



Mir hu vill flott Spiller gemaach.



D'Equipe vun der Réidener Sektioun vun der Jëeerfederatioun ass mam „Mobile Léierpad" bei eis an de Bësch komm. Si hunn eis vill interessant Saache vun den Déieren erzielt, Spiller, fir eis Sënner ze schoulen, gemaach a well mir sou vill Freed am Bësch hunn, hu si eis en „Lernort-Natur-Koffer" am Wäert vu 400 Euro iwwerreecht.









An der Mëttesstonn hu mir um Feier gekacht, um Menü stoung Pizza calzone, Croque Monsieur, Pakalu a Schokobanana.



Mir hunn déi ganz Woch vill bäigeléiert, flott gespillt an eis immens gutt ameséiert. Natierlech war jidderee vun eis freides owes zimlech midd, mee dat war och mol gutt.



Op dëser Plaz wëlle mir all de Leit Merci soen, déi eise Bëschprojet ënnerstëtzen an eis erméiglechen sou vill flott naturpädagogesch Aktivitéiten ze erliewen:

- Der Gemeng an der Administration de la nature et de la forêt fir déi finanziell Ënnerstëtzung.
- De Fierschtere Christian Engeldinger a Pit Lacour an hirer Equipe.
- Der Réidener Sektioun vun der Jëeerfederatioun.
- De Gemengenaarbechter, déi eis eist Material op d'Plaz bruecht hunn.
- Deene villen engagéierten Elteren, déi mat an de Bësch waren.

D'Kanner an hir Jofferen aus der Spillschoul.

Carole Barthelemy, Fabienne Frank-Mertens, Laura Weis

# KANTONALFEST VUN DE POMPJEESCORPS'EN ZU SCHANDEL

D'Kantonalfest vum Kantonalverband Réiden huet e Samschdeg, de 5. Juli 2014 zu Schandel vun 18.00 Auer u stattfonnt. Mat der Ënnerstëtzung vun de Pompjeescorpsen aus der Gemeng Useldeng stoung nieoft der Presentatioun vun de Pompjeesgefierer och nach eng Demonstratioun vun engem Exercice vun der Hondsstaffel vun der Croix Rouge um Programm.

Et war dat lescht Fest, organiséiert vum Kantonalverband Réiden an där Form. Et ass jo bekannt, dass d'Pompjeeswiesen an Zukunft a Regiounen agedeelt ass.

Op dem Internetsite www.pompjeeenkantonreiden.lu ënnert der Rubrik „FOTOEN" kënnt Dir dëse flotten an interessanten Dag nach emol a Form vun engen ganzen Koup Biller Revue passéiere loossen.








# KANNER FIR KANNER









Zanter 14 Joer engagéieren d'Schoulkanner zesumme mam Léierpersonal aus der Gemeng Useldeng sech fir déi Kanner op der Welt, deenen et net gutt geet. Während dem Schouljoer 2013 – 2014 hu mir Sue fir e Projet am Burkina Faso gesammelt. De Burkina Faso läit am Weste vun Afrika an ass eent vun deenen äermste Länner vun der Welt. Ronn 40 % vun de Kanner kënnen ni an eng Schoul goen. Haaptsächlech sinn et awer d'Meedercher, déi kee Recht op Educatioun hunn.

Iwwert verschidde Weeër sammele mir Suen: Dëst Schouljoer hu mir an der Adventszäit Schocki a Kichelcher verkaaft an am Fréijoer huet d'Léierpersonal an d'Personal aus der Maison Relais e Spaghettisiessen zerwéiert a Bastelaarbechte verkaaft. Am Laf vum Joer krute mir e puer Donen: Beim Ulass vun der Ovatioun vum Här Marc Hansen, dem Gebuertsdag vun der Madame Pauline Sietzen an de Kommiounskanner. E grousse Merci fir dëse generéise Geste.

Am Juli konnte mir e Scheck vun 10.000 Euro un de Fränk Fischbach, Sekretär vun der Fondatioun Dr. Elvire Engel iwwerreechen. De Lëtzebuerger Staat vervéierfacht eise Montant, sou datt vun der Useldenger Schoul 40.000 Euro am Burkina Faso kënnen agesat ginn. Dës Zomm geet duer, fir zu Poura eng Schoul fir Meedercher mat 3 Klassesäll ze finanzéieren.

Duerch eis Aktioun an Är Ënnerstëtzung kréien elo iwwer 300 Meedercher d'Geleeënheet, fir eng Schoul ze besichen.

Ee grousse Merci u jiddereen, deen sech an iergendenger Form un eisem Projet bedeelegt huet.

Fir d'A.S.B.L „Kanner fir Kanner"
Lea Barthelemy-Sietzen a Michèle Schartz

# NATUR & ËMWELT: 29. GENERALVERSAMMLUNG VUN DER RÉIDENER SECTIOUN

TEXT/FOTO: LUXEMBURGER WORT




Am 28. März 2014 fand im „Centre culturel Op der Fabrik" der Gemeinde Préizerdaul die 29. Generalversammlung der LNVL-Sektion des Kanton Redingen statt. Präsident Romain Kleer, welcher im letzten Jahr den Vorsitz von Jos Wampach übernahm, begrüßte die Anwesenden. Anschließend legte Kassierer Gérard Zoller einen gesunden Finanzetat der Sektion vor, der von den Kassenrevisoren gutgeheißen wurde. Sekretärin Michèle Timmermann-Paler lieferte Präzisionen zu den abgehaltenen Versammlungen und zahlreichen Aktivitäten des letzten Jahres. Nach der Wiederwahl von vier Vorstandsmitgliedern hielt Roger Schauls einen interessanten und lehrreichen Vortrag über den Wald in Luxemburg, mit einem Akzent auf die Wichtigkeit der Entwicklung der Buchenbestände. Fernand Schoos vom „syndicat intercommunal" SICONA referierte über die Wimperfledermaus, eine bedrohte Art, die im Redinger Kanton eine ihrer letzten Rückzugsbastionen hat. Er zeigte sich erfreut über erste Schutzmaßnahmen, die in Zusammenarbeit unter anderem mit der Gemeinde Préizerdaul unternommen wurden. Die vorbildliche Zusammenarbeit mit der Tierpflegestation aus Düdelingen und mit der Vereinigung „CNDS Naturaarbechten" aus Binsfeld wurde mit zwei Schecküberreichungen von 5.000 Euro und 3.000 Euro gewürdigt. Jean Weiss, als Vertreter des Zentralvorstandes von natur&ëmwelt beglückwünschte seinerseits das vorbildliche Schaffen der Sektion im Interesse der Natur. In der freien Aussprache strich Jos Wampach noch einmal die gute Zusammenarbeit mit sämtlichen Gemeinden des Kantons hervor, während Gast Fohl das alljährlich übertriebene Zurückschneiden der Hecken auf Ziergröße und die späte Beseitigung des Heckenschnitts, in welchem schon Vögel zur Brut schritten, bedauerte und das Fehlen von jeglicher Schonzeit während der Fortpflanzungsperiode für Arten wie Mufflon, Waschbär usw. bemängelte.

Zum Schluss lobte Bügermeister Fernand Heyart das große Engagement der Naturschützer, unterstrich gleichzeitig die Naturverbundenheit der Gemeinde Préizerdaul und lud alle zu einem guten Glas und feinen Schnittchen ein. Der Vorstand der LNVL-Sektion setzt sich aus den folgenden Personen zusammen:

Marc Schmit und Jos Wampach (Ehrenpräsidenten), Romain Kleer (Präsident), Rudy Braun (Vizepräsident), Gérard Zoller (Kassierer), Michèle Timmermann-Paler (Sekretärin), sowie Anny Braun-Kartheiser, Marc Feldtrauer, François Filbig, Gaston Fohl (Vizepräsident), Romain Gaspar, Roland Gereke, Christian Lavandier, Marco Pavani, Raymond Schannes und Ingrid Schannes-Hiery (Mitglieder).

# ENRÔLÉS DE FORCE - COMITÉ DU SOUVENIR SEKTIOUN GEMENG USELDENG

TEXT: LOU ANZIA-NEY / FOTOEN: CLAUDE BACH, ROGER FEIEREISEN & CLAUDE SCHOMER

„Ons Hémecht“, dëst ass den Titel vun eiser Nationalhymn, awer och dee Begrëff, mat deem mir dëst Joer all eis Erënnerungsmomenter zum Enn vum Zweete Weltkrich wëlle verbannen.

Den EdF-Comité du Souvenir geet ervir aus der Generalversammlung vun eiser Enrôlés de Force Sektioun vum 30. September 2013, déi eng leschte Kéier geleet gi war vun hirem Grënnungsmember a langjährigem President, dem Här Jean Hollerich, ënnerstëtzt vu sengem Sekretär, dem Här Léon Raths. Déi minutiéis a langjährig gefouert Recherchen an Dokumentatioun iwwer d'Schicksaler vun den Useldenger Refraktären a Form vun engem Buch („Schicksale“, Auteur: Léon RATHS) verdéngen nach eng Kéier besonnesch ervirgehoff ze ginn.

Hire Wonsch, d'Wëssen iwwer d'Realitéit vum Zweete Weltkrich an eiser Gemeng an d'Affer vun de Pappen a Mammen, Jongen a Meedercher aus eisen Dierfer u jénger Generatiounen weiderzeginn, hu mir mat Dankbarkeet ugeholl a krute vun der GV den Optrag, als President (Roger Feiereisen vun Useldeng) resp. Sekretär (Lou Anzia-Ney vun Useldeng) eng nei Equipe op d'Been ze stellen an nei Impulser ze setzen.

D'Joer 2014 ass deemno fir eise Comité een Iwwergangsjoer an eng nei Zäit, an där mir als Lëtzebuerger Nokrichsgeneratiounen dëst schwéiert Kapitel Lëtzebuerger Geschicht, déi bis haut an eise Schoulen net genuch enseignéiert gëtt, wëlle weider heiheem an Erënnerung halen.

Jiddereen, op Jonk oder Al, deen sech fir dësen Deel Heemechtsgeschicht interesséiert, ass an eise Reien als Member häerzlech wëllkomm. Uspriechpartner, fir Member ze ginn an eventuell och aktiv u weiderer Dokumentatiounsaarbecht matzeschaffen, sinn déi zwou virgenannt Persounen. Eis Memberkaart kascht 10 €. Eise Compte ass bei der Post den CCPL LU85 1111 0314 7143 000.

Mir wiere frou, wann eisem Veräin, vläicht bei Geleeënheet vu private Raumaktiounen an den Dokumenter vu fréiere Generatiounen, dës oder déi relevant Pabeieren, Fotoen oder soss materiell Souveniren als Original oder Kopie kënnten zougestallt ginn.

Eis eege Veräinsaktivitéit huet ugefaang um Commemoratiounsdag, Sonndes, de 6. Oktober 2013. Dësen Dag goufen den Här Hollerich an den Här Raths fir hir besonnesch Meritter am Déngscht vun den Enrôlés de Force besonnesch geéiert an si kruten een Diplom mat hirem Éierentitel op Liewenszäit.

Als neie Comité hate mir äis virgeholl am Laf vum Joer 2014 (Erënnerung u 70 Joer Krichsenn) all Nuecht, um Datum, wou ee vun „eise Jongen“ am Krich gefall war, zu Useldeng beim Monument aux Morts eng Lanter unzefänken, fir esou symbolesch nach eng Kéier bei hinnen ze waachen. Mir huelen äis fir d'Joer 2015 vir, all Dag, um Datum, wou ee vun de Jongen aus dem Krich erëm heem komm ass, dës Lanter och unzefänken, fir hinnen esou nach eng Kéier Merci ze soen, an deenen, déi nach liewen, dëse Merci och heemzedroen.



Den 22. Januar 2014 hat de Comité du Souvenir eng Entrevue mam Här Georges EVEN vun Ell, deen äis am Detail déi nei Internetsäit: **www.ons-jongen-a-meedercher.lu** virgestallt huet an äis erklärt huet, wéi mir domat kënnte schaffen.

PS: Op dësem Gebitt si mir hei an der Gemeng op der Sich no enger Persoun mat deene néidege Fachkenntnisser, déi eis kënnt an hirer Fräizäit derbäi behëlleflech sinn, eis Dokumenter op de virgenannte Site ze setzen, resp.eventuell een eegene kommunalen Erënnerungsite ze gestalten. Interessente kënne sech beim President mellen.

Am Kontext vum europäische LEADER-Progamm fir eis Regioun an op Initiativ vun eiser Gemeng gouf zesummen iwwer kulturell, sozial a

virun allem och ökologesch Initiativen nogeduecht, déi an de nächste Joren um kommunalen resp. interkommunalen Terrain kënnten ëmgesat ginn.

Ee Virschlag vun eisem Comité war et eventuell een Erënnerungspad un den Zweete Weltkrich opzestellen. Sollt dee Plang realiséiert ginn, wär et deemno néideg geschwënn d'Käpp zesummen ze strecken, fir ze definéieren, wou an eisen Dierfer déi Plazen, Weeër a Momenter aus der Krichszäit sinn, un déi mir speziell wëllen erënneren a wéi mir dëse Wee wëlle gestalten.

PS: All Persounen, déi elo schon heizou Virschléi oder privat Ënnerlagen hunn oder wëlle matschaffen, sinn häerzlech invitéiert, mat eisem Comité Kontakt opzehuelen. Ee gutt Beispill fir esou een Erënnerungspanneau steet op der Räicheler-Halt (nieft der Vëlos-Piste).

Den 2. Februar 2014 ware mir op der Erënnerungszeremonie vertruede fir d'Affer vum Massaker zu Sonnenburg den 30. Januar 1945. Dës Feier war um Kanounenhiwwel an der Stad, verbonne mat engem Besënnungsmoment an der Krypta vun der Kathedral, wou och Videodokumenter gewise goufen. Mir erënneren drun, datt de Pierre Hommel vu Rippweiler dës Nuecht zu Sonnenburg erschoss ginn ass.




De 6. Juni 2014 hu mir Blumme néiergeluecht beim Monument zu Useldeng am Park vum Centre Thérapeutique op der Iewerlenger Stross, als Erënnerung un den Debarquement an der Normandie vum „1er groupe d'assaut du Commando Philippe Kieffer" viru 70 Joer. De Jean Reiffers vun Useldeng hat deemols un dësem Debarquement deelgeholl.





Den 2. August 2014 huet eist Land an och d'Gemeng Useldeng un den Ufank vum 1. Weltkrich erënnert. An den Dierfer an eiser Gemeng hunn um 14.45 d'Klacke gelaut an vun 14.58 – 15.00 Auer sinn iwwerall am Land d'Sirene gaang. Vertrieder vun eiser Gemeng, dem EdF-Comité du Souvenir an de Veräiner aus der Gemeng hunn sech virum Monument aux Morts zu Useldeng versammelt, fir eng kuerz awer beandrockend Gedenkzeremonie mat Blummenéierleeung, der Usprooch vum 1. Schäffe Gérard Anzia a Vertriedung vum Buergermeeschter, der Sonnerie aux Morts an enger Éieregarde vun de vereenegte Pompjeesveräiner aus eiser Gemeng. Vun dëser Plaz aus, alle Bedeelegten villmools Merci.







Den 18. Juli ass d'Madame Anna Kalmes vu Péiteng gestuerwen.
Si war dat eelst Meedche vun den Elteren Jemp Kalmes a Catherine Simon, déi vum 29.11.1929 bis kuerz no de Krichsjoren op der „Prënz Heinrich-Zuchhaltestell Räichellewerleng" gewunnt hu mat hiren zwou Duechteren Anna a Rosalie.

Dës Famill war während de Krichsjoren eng exemplaresch Resistenzlerfamil. Um Ufank vum Krich hunn si eng jiddesch Famill a spéider, vun 1943 u bis zum Krichsenn, Lëtzebuerger Jonge verstoppt, zesumme mat zwee amerikaneschen Zaldoten, déi aus engem beschiedegten US-Bomber mam Fallschirm eraf geppronge waren an op hirer geféierlecher Sich no enger Stopp bei der Famill Kalmes opgeholl goufen, bis si den 20. September 1944 vun der amerikanescher Arméi an England bruecht gi sinn. Éier dem Undenken un d'Famill Kalmes. (Panneau mat hirer Geschicht op der Räicheler Halt.)

Nieft dem Commemoratiounsdag, sonndes den 12. Oktober, ass eis nächst Aktioun sécher déi feierlechst fir dëst Joer, zum Gedenken un d'Befreiung vum Land duerch d'Amerikaner den 10. September 1944.

# INVITATIOUN

Ënnert dem Patronage vun der Gemeng Useldeng
invitéiert den Enrôlés de Force-Comité du Souvenir
zesumme mat eise vereenegte Gesangveräiner
op d'Ouverture vun der Ausstellung;

„ONS HÉMECHT" – 150 Joer Lëtzebuerger Nationalhymn."

Verbonne mat enger Konferenz iwwer d'Verhale vun de Lëtzebuerger am Krich zum Thema:

„Kraaft a Sënn vun eisen Nationalsymboler am Zweete Weltkrich"

**Freides, den 19. September 2014 zu Useldeng**
**an der Buvette vun der Sportshal op der Schandeler Strooss.**

Conférencier ass den Här Paul Heinrich vu Feelen
President vum Ettelbrécker Groupe de Recherches et d'Etudes sur la Deuxième Guerre Mondiale.

Eng weider Ausstellung vum Musée Thillenvogtei vu Wahl weist wichtig Lëtzebuerger Resistenzzeechen aus dëser Zäit, eventuell verbonnne mat Temoignagë vun Zäitzeien.

Eis Gesangveräiner sangen eng erweidert Versioun vun eiser Nationalhymn.
(3 Strofen dovunner goufen an de Joren 1939–1945 geschriwwen).

D'Ausstellunge bleiwen op: Samschdes, den 20. September
a sonndes, den 21. September vu 14 bis 18 Auer,
a vu méindes dem 22. bis donneschdes, dem 25. September
kann een si besichen op Rendez-vous (Gruppen, Schoulen a Veräiner, asw).
Reservatioun: Sinner Chrëscht, Schoulresp. Tel: 621 350 921.

Mir wiere frou, dësen Erënnerungsowend iwwer ee wichtegt Stéck Lëtzebuerger Geschicht
mat lech zesummen ze erliewen.

# DEN DËSCHTENNIS VU SCHANDEL FEIERT DEN OPSTIG AN DÉI 2. DIVISIOUN!!!



No der uerdentlecher Generalversammlung vum Dëschtennis Schandel de 27. Juni 2014 an der Buvette vun der Sportshal gouf déi éischt Equipe gefeiert.

Déi jonk Spiller **Chris Schroeder, Luc Schroeder, Milena Schroeder, Paul Hoffmann, Gil Kleer an Tom Kleer** hunn et fäerdeg bruecht an déi 2. Divisioun am Seniors-Championnat opzesteigen. Nodeems d'Equipe 2012 nach mat der Ënnerstëtzung vun deenen 2 erfuerene Spiller Chrëscht Sinner a Léon Dockendorf et scho fäerdeg bruecht hat vun der 4ter an déi 3. Divisioun ze steigen, ass dat do eng super Leeschtung vun eise jonke Spiller.

Et huet sech emol méi bestätegt, dass bei engem gudde qualifizéierten Encadrement eis Jonk ze motivéiere sinn an een op se zielen kann. Nieft dem grousse Merci un si gëllt et dem Jos Debra an dem Zlatko Rajcic, eisen zwee engagéierten Traineren, Merci ze soe fir hir gutt a wäertvoll Aarbecht. De Jos, deen elo schonn 8 Joer bei eis ass, huet eis Spiller d'ABC vum Dëschtennis geléiert an d'Entscheedung vum Club, fir virun 2 Joer den Topspiller Rajcic Zlatko (bosneschen Nationalspiller a belsche Vize-Meeschter mat Virton) als 2. Trainer ze engagéieren, fir deene Jonken op där enger Säit d'Finesse vum Dëschtennis bäizebréngen, awer och zousätzlech nei Trainingsprogrammen an intensiv Trainingseenheeten ofzehalen, méi ewéi bezuelt gemaach. Et gëllt elo mat deeër wichteger a richteger Politik, fir op eis eege Jugend ze setzen, déi de Comité virun e puer Joer ënnert der Presidentin Marielle Goedert getraff huet, weider ze fueren.

Dee ganzen Encadrement kascht net nëmme vill Geld, dat an dësen Zäite vun der Kris och fir d'Veräiner net méi einfach gëtt ze erwirtschaften, mee och e groussen Engagement vun all den aktive Memberen, mee och den Ancienen an de Frënn vum Dëschtennis Schandel, déi ëmmer eng Hand mat upaken, sief

et bei der Christophorusfeier oder bei eisem Tournoi. Dofir e ganz ganz décke Merci un si all!!! En décke Merci un all eis Sponsoren, d'Betriber ewéi och déi Privat, déi eis ëmmer trei zur Säit stinn, genau esou ewéi eiser Gemeng, déi eis ëmmer esouwuel op finanziellem ewéi op materiellem a logisteschem Niveau ënnerstëtzt.

Flott ass et zousätzlech, dass den Norbert Kauthen an de Chris Schroeder sech spontan gemellt hunn, fir bei eis am Comité matze-schaffen an net nëmmen op sport-lechem, mee och op administrativem Niveau hire Mann wëlle stellen. Esou ewéi ebenfalls den Daniel Kauthen, deen dëst Joer säin Diplom als Arbitter mat Bravour bestanen huet.

*DT Schandel*
*Schmit Raymond*
*Sekretär a Responsable Jeunes*



Fir all déi, déi eppes fir hir Fitness maache wëllen, Spaass an eng flott Ambiance sichen an eng kleng Eraus-fuerderung bei enger Competitioun wëllen hunn, kommt bei eis an huelt selwer d' Raquette an de Grapp.

Mir trainéieren zu Useldeng am Pingpongssall vun der Sportshal

all Mëttwoch vu 17:30 bis 21:00 Auer an all Donneschdeg vu 17:00 bis 20:00 Auer.

Woubäi d'Kanner um 17:30 resp 17:00 Auer ufänken an déi Grouss duerno um 19:00 resp um 18:30 Auer.

Fir weider Informatioune rufft eis un
ënnert der Nummer 621212257 (Schmit Raymond)
oder kommt einfach bei eis um Training laanscht.

Mir freeën eis op äre Besuch!

# YOUTH 4 WORK

# PERSPEKTIV FIR JONK LEIT AM RÉIDENER KANTON

Youth4Work ist ein Pilotprojekt, getragen durch das Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“ unter der Leitung von Ariane Toepfer.

Es richtet sich an jugendliche Arbeitslose und Jugendliche, die die Schule ohne Abschluss verlassen haben, und im Kanton Redange leben. Ziel ist es, sie bei der Suche nach einer Ausbildung, einer Lehr- oder Arbeitsstelle zu unterstützen.

Youth4Work arbeitet mit den Unternehmen des Kantons zusammen. Es bietet ein intensives Coaching (individuelle Beratung) in Form von Gesprächen an, durch das die Jugendlichen sowohl ihr Selbstbewusstseins stärken als auch lernen, sich konkrete Ziele zu setzen und Methoden, wie sie diese verwirklichen können.

Die jungen Leute nehmen aus eigenem Entschluss an dem Projekt teil und nehmen das Coaching kostenfrei in Anspruch. Die Erfolgsquote liegt bei 95 % bei freiwilliger Teilnahme und selbstbestimmtem Ziel.

Initiator und Träger des Projektes ist der „Réidener Kanton“ mit der Finanzierung durch den „Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire“ sowie durch das „Fond Social Européen“.

**Youth4Work hilft konkret bei:**

- der Suche nach einer Lehr-, einer Arbeitsstelle oder einer Ausbildung
- konkrete Betreuung bei administrativen Belangen
- eine umfassende Situationsanalyse und Zieldefinition
- Individuelle Maßnahmen zur Zielerreichung
- Talentanalyse mit dem Ziel, den Berufswunsch zu konkretisieren
- Betreuung bis zur und nach der Zielerreichung



**Leiterin:** Ariane Toepfer
**Assistentin:** Sarah Heil

www.youth4work.lu

# EIS BEIEN A BOMMELE BRAUCHEN HËLLEF

## FÖRDERUNG DER BESTÄUBER IN DER KULTURLANDSCHAFT UND IM SIEDLUNGSBEREICH

### Die Bedeutung der Bestäuber für den Menschen

Seit einigen Jahren beschäftigt das Thema „Bienensterben" die Öffentlichkeit und fördert ganz unterschiedliche Meinungen zutage. Ohne Zweifel spielt die Honigbiene als Bestäuber und Honiglieferant eine sehr wichtige Rolle für die Menschheit. Schon Einstein machte sich dazu seine Gedanken: „Wenn die Biene einmal von der Erde verschwindet, hat der Mensch nur noch vier Jahre zu leben". Heute wissen wir, dass das so nicht ganz stimmt, und doch würde es uns teuer zu stehen kommen, würden die Bienen aussterben. So wird ihr Wert in der Lebensmittelproduktion weltweit auf rund 153 Milliarden € pro Jahr geschätzt. Diese Kosten belaufen sich hauptsächlich auf die Handbestäubung mit Pinsel von Menschenhand, wie sie schon in manchen Gegenden Chinas angewendet werden muss, wo durch übermäßigen Pestizideinsatz bereits jegliche Nützlinge verschwunden sind. Den Bestäubern haben wir es also zu verdanken, dass wir jeden Tag frisches Gemüse und Obst zu einem vernünftigen Preis genießen können.

### Ist die Biene der wichtigste Bestäuber?

Bezieht man den Begriff allein auf die Honigbiene, ist die Antwort ganz klar: Nein. Neuere Studien haben sogar ergeben, dass der Wert der Honigbiene als Bestäuber bislang total überschätzt wurde. Erst in Kombination mit den vielen Arten von wilden Bienen und Hummeln kann die Honigbiene eine effiziente Bestäubung sicherstellen, was den Ertrag sogar um bis zu 30 % erhöhen kann. Und mit rund 350 verschiedenen Wildbienen- und Hummelarten, die in Luxembourg vorkommen, kann man wirklich nicht davon ausgehen, dass die Honigbiene die wichtigste Rolle als Bestäuber hat.

Neben Bienen und Hummeln tragen auch noch andere Nützlinge ihren Teil zur Bestäubung bei. So zum Bespiel die Schwebfliegen, die ihrerseits als Larven auch eine wichtige Rolle bei der Bekämpfung von Blattläusen spielen. Aber auch andere Insekten, wie Schmetterlinge und Käfer, haben eine Bedeutung für die Bestäubung. Dies beschränkt sich jedoch hauptsächlich auf die Bestäubung von Arten, die zwar wirtschaftlich weniger wichtig, aber für die Natur und ein funktionierendes Ökosystem unentbehrlich sind.

Das Sterben von Honigbienenvölkern ist also nicht das einzige Problem, auch wenn es uns persönlich am meisten trifft. Auch viele Wildbienenarten haben – von uns unbemerkt – mit einem starken Rückgang zu kämpfen. Sie leiden unter den gleichen Problemen wie die Honigbiene: einem Mangel an jederzeit verfügbarer, ungiftiger (also von Pestiziden unbelasteter) Nahrung.

### Wie können wir unseren Bestäubern helfen?

Alle in Europa vorkommende Bienen-Arten, Honig- wie Wildbienen, sind unentbehrlich für ein stabiles und funktionsfähiges Ökosystem. Frei nach Einstein: Wer den Bienen hilft, hilft auch dem Menschen. Machen Sie also mit!

Um das Überleben unserer Bestäuber sicherzustellen, gibt es viele einfache Methoden, die Sie in ihrem Garten leicht anwenden können.

- Verzicht auf Spritzmittel oder zumindest auf Bienenunschädlichkeit achten
- Ein arten- und blütenreicher Garten oder Balkon sorgt für einen guten Nahrungsvorrat für unsere Honigbiene und viele Wildbienen.
- Keine gefüllten Blumen kaufen, da diese keinen Pollen besitzen, der für die Bienen lebensnotwendig ist. Wildbienen haben einen besonders hohen Pollenbedarf, um die Brutzellen ihrer Nachkommen mit genügend Vorrat zu versorgen.
- Nistmöglichkeiten schaffen, z. B. durch den Bau eines Bienenhotels

Eine Anleitung zum Bau eines Bienenhotels sowie eine Liste mit Gartenpflanzen für Wildbienen können Sie unter **www.sicona.lu** abrufen oder bei uns anfordern (unter **T. 26 30 26-25** oder **administration@sicona.lu**).
Für weitere Fragen können Sie sich gerne an folgende Adresse wenden:

**SICONA-Centre**
Der SICONA-Centre ist ein Gemeindesyndikat, das Naturschutzmaßnahmen im Zentrum Luxemburgs durchführt. Er wird von 12 Mitgliedsgemeinden getragen.

**Biologische Station SICONA**
12, rue de Capellen
L-8393 Olm
www.sicona.lu
T. 26 30 36-27
administration@sicona.lu

# ANALYSE D'EAU 2014

| Analyses d'eau dans la commune d'Useldange | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Paramètre | Everlange Rippweiler *1 Schandel | Useldange *2 | Valeur paramétrique | Unité |
| CARACTERES ORGANOLEPTIQUES | | | | |
| Couleur vraie (436nm) | < 0.03 | < 0.03 | | 1/m |
| Turbidité | 0.11 | 0.25 | | NTU |
| CARACTERES BACTERIOLOGIQUES | | | | |
| Coliformes totaux | <1 | <1 | 0 | (cfu/100ml) |
| Escherichia coli | <1 | <1 | 0 | (cfu/100ml) |
| Germes totaux à 36 C (48h) | <1 | <1 | <20 | (cfu/ml) |
| Germes totaux à 22 C (72 h) | <1 | <1 | <100 | (cfu/ml) |
| Clostridium perfringens | <1 | <1 | 0 | (cfu/100ml) |
| Entérocoques intestinaux | <1 | <1 | 0 | (cfu/100ml) |
| CARACTERES CHIMIQUES | | | | |
| ph | 7.4 | 7.4 | 6.5 - 9.5 | |
| Conductibilité électrique 20°C | 471 | 353 | <2500 | (µS/cm) |
| Dureté carbonatée | 18.6 | 16.4 | | (d°fr) |
| Dureté totale | 25.1 | 20.1 | | (d°fr) |
| Ammonium-NH4 | <0.02 | <0.02 | <0.5 | (mg/l) |
| Nitrites-NO2 | <0.02 | <0.02 | <0.5 | (mg/l) |
| Chlorures-Cl | 22.2 | 9.8 | <250 | (mg/l) |
| Nitrates-NO3 | 18 | 13.5 | <50 | (mg/l) |
| Sulfates-So4 | 33.5 | 23.6 | <250 | (mg/l) |
| Calcium-CA | 92.9 | 63.4 | | (mg/l) |
| Magnesium-mg | 3.5 | 6.2 | | (mg/l) |
| Potassium-K | 1.2 | 1.2 | | (mg/l) |
| Sodium-Na | 7 | 3.9 | <200 | (mg/l) |

*1 N° échantillon: DEA14/31-18 prélevé le 30.07.2014

*2 N° échantillon: DEA 14/18-03 prélevé le 28.04.2014



Visions of the Past
Party
Musék aus de
60's a 70's
and more!
Centre Culturel
Everlange
15.11.2014
21.00 Auer
Doors
Jimi
Janis
Virverkaaf: 5€
Oweskeess: 8€
Org. Aktiv Mammen Useldéng
DJ
Ben
vun
RADIO



# WAT ASS LASS AM SCHLASS?

NEIEGKEETEN VUN A RONDERËM D'BUERG

*WWW.CASTLE-USELDANGE.LU*

[Foto: Marco Pavani]



# „CASTLE OPEN-AIR" IN USELDINGEN

## EIN KONZERT, WO WELTEN AUFEINANDERTRAFEN

## DIE „BUERGFRËNN USELDING" ORGANISIERTEN IHR ZWEITES OPEN-AIR-KONZERT

TEXT/FOTOS: CLAUDE SCHOMER

Seit 2011 organisieren die „Buergfrënn Uselding" alljährlich ein großes Sommerspektakel auf der bzw. rund um die mittelalterliche Festung in dem kleinen Attert-Städtchen. Im Turnus mit der Laserlicht-Show „Lights and Sound" erfolgte nun nach 2012 das zweite „Castle Open-Air" der laufenden Serie.

Die diesjährige Auflage umfasste die Auftritte der Musiker Robert „Gollo" Steffen, Daniel Balthasar und Pugsley Buzzard mit ihren jeweiligen Bands.

Wenngleich das Wetter – genauso wie an den Vortagen – nicht so richtig mitspielte, und zum Teil schwere Regenfälle besonders die erste Hälfte des Konzerts erheblich beeinträchtigten, hielt die Technik bis zum Schluss stand, und wurden die Gäste für ihr Ausharren mit einem professionell gestalteten und gut gefüllten Showabend belohnt.

Dabei umspannte das Spektakel in vielfacher Hinsicht Welten: Während die von Gollo Steffen auf Luxemburgisch dargebotenen Lieder, deren Einflüsse bis zu den Beatles zurückreichen, ein buntes Potpourri seines vierzigjährigen Bühnenschaffens bildeten, stand Daniel Balthasar mit seinen englischsprachigen Songs für den Generationswechsel in bester amerikanischer Rocktradition. Der Australier Pugsley Buzzard mit seiner rauchigen Bassstimme, die den Vergleich mit Größen wie Barry White nicht zu scheuen braucht, brachte seinerseits die Blues- und Jazzelemente in den Abend ein, und lieferte sich am Keyboard wahre Improvisationsduelle mit Maxime Bender an Klarinette und Saxophon.

Das kleine Großherzogtum war zugleich Endstation der Europatournee des Mannes vom Kontinent „Down under".

Zusammenfassend lässt sich festhalten: Die diesjährige Open-Air-Aufführung war finanziell gesehen aufgrund der widrigen Wetterumstände für die Organisatoren wahrscheinlich ein Verlustgeschäft, für alle Gäste, die dem Konzert dennoch beiwohnten, jedoch musikalisch betrachtet sicherlich eine Bereicherung. Deshalb 2016 bei der nächsten Ausgabe in Useldingen unbedingt mit dabei sein!

https://www.youtube.com/watch?v=zgJxcX9etKw©











# HOLUNDERSCHULE: NATURNAH, KINDGERECHT,... EINFACH LEBENSFROH

Nach diesem Prinzip werden die Schulhöfe und Spielplätze der Holunderschule gebaut.

Auch bei uns in Useldange war es am 10. Mai soweit.

Am Samstagmorgen gegen 8.30 ging's los; viele Eltern, Kinder und Schul-und Maison Relaispersonal, sowie andere Freiwillige fanden sich im Schulhof ein. Die Herren Helmut und Marius Hahn teilten uns für die verschiedenen Arbeiten ein und los ging's mit schleifen, sägen, schrauben, bauen, Schubkarre fahren...

Die Zeit verging ganz rasch und alle trafen sich zur wohlverdienten Kaffeepause, sowie zum gemeinsamen Mittagsessen.

Die Stimmung war super; und schnell wurde uns allen klar, dass wir dieses Projekt nur gemeinsam verwirklichen können.



[Foto: Claude Bach]

Aus Zeitmangel wurde das Projekt noch nicht ganz beendet und wird Ende August weitergeführt.

Die Kinder haben sich bisher schon sehr viel auf dem Spielplatz amüsiert und lassen ihrer Kreativität freien Lauf.

Von dieser Stelle aus geht ein besonders großer Dank an alle freiwilligen Helfer und hoffentlich können wir noch ähnliche, gemeinsame Projekte verwirklichen.

*Karin Zians*








# D'MËTTELALTERFEST
# DEN 13. & 14. JUNI A BILLER

FOTOEN: CLAUDE BACH

























# „WAS KOSTET BODENEROSION?“



Im Februar fand in Ell ein Informationsabend für die Landwirte aus den neun Gemeinden des Gewässervertrages Attert statt. Etwa 100 Landwirte und Gemeinderäte aus den Gemeinden Attert, Ell, Beckerich, Redingen, Préizerdaul, Useldingen und Bissen hatten sich im Centre Camille Ney zusammen gefunden, um sich mit dem allgegenwärtigen Problem der Bodenerosion auseinander zu setzen.

Die landwirtschaftlichen Berater des Wasserhauses stellten anschaulich dar, dass es zwischen 100 – 1000 Jahre braucht um 1 cm Bodenschicht, die durch Erosion verloren geht, wieder zu erneuern.

Hochinteressant war die Vorstellung der Bodenerosionskarten durch Frau Marx (ASTA). Die Bodenerosionskarten zeigen, wie hoch die Bodenerosionsgefahr an jedem beliebigen Punkt in Luxemburg ist. Dies kann bzw. müsste ein wichtiges Entscheidungskriterium sein für die anzubauenden landwirtschaftlichen Kulturen. Aber auch für die Ausweisung der Bebauungsgebiete stellen diese Informationen eine wertvolle Entscheidungshilfe dar.

Anschliessend haben Frau Mangen und Herr Steichen von der Landwirtschaftskammer anhand vieler Beispiele aus der Attertregion anschaulich gezeigt, daß Bodenerosion ein omnipräsentes Phänomen ist, das auf jeden Fall ernst genommen werden muss. Um Bodenerosion auf landwirtschaftlichen Flächen vorzubeugen gibt es einige Lösungsansätze. Zum einen ist eine ganzjährige Begrünung der Ackerflächen anzustreben, aber auch die Bearbeitung des Bodens mit anderer Bestelltechnik ist ein effizienter Lösungsansatz. Hier bietet die Landwirtschaftskammer ein Aussaatverfahren für Maisflächen an, das lediglich innerhalb der Saatreihen die Fläche bearbeitet (Frässaat, StripTillsaat).

Für weitere Informationen zu dem Thema, können Sie sich gerne bei den landwirtschaftlichen Beratern des Wasserhauses melden:

Bernd Ewald
T. 691 862 441
bernd.ewald@live.de

Gerber van Vliet
T. 691 223 611

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Administration de la gestion de l'eau

MINISTÈRE DE L'INTÉRIEUR
ET DE L'AMÉNAGEMENT DU TERRITOIRE
Administration de la Gestion de l'Eau




**UNI IWWER LAND 16** ANNEE ACADÉMIQUE 2014-2015

ZESUMME MAT DER **LANDAKADEMIE**

# En neie Bléck op d'Lëtzebuerger Geschicht

## **Michel Pauly** Université du Luxembourg

**Mëttwochs** em hallwer aacht

**24·09** **Gëtt et eng 'Lëtzebuerger Geschicht'? A wa jo, wéivill?**
zu Giewel (Gemeng Käerch) · Al Spillschoul (Jugendhaus) · 7, rue de l'école

**08·10** **Vun de Kelte bei d'Réimer: e fréit Beispill vun Akkulturatioun**
zu Eppelduerf (Ärenzdallgemeng) · Centre culturel · 6, rue Gaich

**22·10** **Lëtzebuerger Herrscher op europäeschem Plang**
zu Viichten · Mischhaus · 43, rue principale

**05·11** **1815-1890 – En neit Lëtzebuerg**
zu Furen (Gemeng Tandel) · Multimediasall (Al Gemeng) · 18, Kierchestroosss

**19·11** **Zwee Weltkricher an eng Debatt ëm Onofhängegkeet an Identitéit**
zu Säll · Salle des Fêtes · 4, route d'Arlon

**24·09·2014** **Gëtt et eng 'Lëtzebuerger Geschicht'? a wa jo, wéivill?**

Wéini fänkt d'Lëtzebuerger Geschicht un? D'Konstruktioun vun enger Lëtzebuerger Geschicht am 19. Jorhonnert. Lëtzebuerg an enger metanationaler Approche.

**08·10·2014** **Vun de Kelte bei d'Réimer: e fréit Beispill vun Akkulturatioun**

Wat soen ons d'Resultater vun der Archeologie? D'Bedeitung vum Tëtelbierg an de Griewer am Ëmkrees. Kontakter mat de Réimer. D'Entstoe vun enger galloréimescher Kultursynthees.

**22·10·2014** **Lëtzebuerger Herrscher op europäeschem Plang**

D'Grofe vu Lëtzebuerg gi Keeser am réimesche Räich a spillen eng wichteg Roll um europäesche Plang. Wat bedeit dat fir hir Grofschaft?

**05·11·2014** **1815-1890 – En neit Lëtzebuerg**

De Wiener Kongress schaaft e neie Staat. Wéi ass et méiglech, dass deen iwwerlieft huet? Politesch a wirtschaftlech Viraussetzunge vum heitege Lëtzebuerg.

**19·11·2014** **Zwee Weltkricher an eng Debatt ëm Onofhängegkeet an Identitéit**

Wat stoung an deenen zwee Weltkricher um Spill fir Lëtzebuerg? Wat fir Konsequenzen haten déi nationalistesch Stréimungen an Europa? Wéi huet Lëtzebuerg sech aus der Affär gezunn?

*De **Michel Pauly** ass Professer fir transnational Lëtzebuerger Geschicht op der Uni Lëtzebuerg a President vun der Internationaler Kommissioun fir Stadgeschicht.*

Fir sech virzebreeden: Michel Pauly, ***Geschichte Luxemburgs*** (Reihe C.H. Beck Wissen 2732), München 2011 / ***Histoire du Luxembourg*** (Editions de l'ULB, coll. Références 31), Bruxelles 2013



OUVERTURE

novembre 2014



CRECHE
UN DER ATERT
- projet biologique -

Enfants de 0 à 4 ans
Personnel qualifié et multilingues

Crèche Un Der Atert
4, rue d'Everlange L-8707 Useldange

Inscriptions & renseignements au
+352 661 38 32 61

www.underatert.lu

Ne pas jeter sur la voie publique

# MANIFESTATIOUNSKALENNER FIR D'JOER 2014
# SYNDICAT D'INITIATIVE USELDENG

All Ännerungen betreffend de Manifestatiounskalenner sinn am Sekretariat vun der Gemeng ze mellen an op www.useldeng.lu

| | | | |
|---|---|---|---|
| **September** | | | |
| Sam 13 | Grillfest | Café Bel Canto - Everlange | Ferguson Club |
| Son 14 | Grillfest | Café Bel Canto - Everlange | Ferguson Club |
| Son 20 | Mexikanischen Owend | Rippweiler | Club des Jeunes Rippweiler |
| Sam 27 | Bal | Iewerleng | Club des Jeunes Iewerleng |
| **Oktober** | | | |
| Son 05 | Rousekranzpressioun | Iewerleng | Par Useldeng/Iewerleng |
| Mët 08 | Versammlung - Piusverband | Everlange (C.C.) | Chorales Useldange & Everlange |
| Sam 11 | Ovation Gérard Anzia | Useldeng | Syndicat d'Initiative |
| Son 12 | Journée Commémorative | Useldeng | Gemeng |
| Sam 18 | Treipenowend | Iewerleng | Iewerlenger Fanfare |
| Son 19 | Parfest | Useldeng | Par Useldeng |
| **November** | | | |
| Sam 01 | Allerhelljendag | | |
| Son 02 | Allerséilendag | | |
| Méi 03 | Opstellen vum Manifestatiounskalenner | Useldeng | Syndicat d'Initiative |
| Frei 07 | Oktoberfest | Iewerleng | Theaterkescht Useldeng |
| Son 09 | Haxen Nométtech | Useldeng | Spuerverein Kneckjang |
| Sam 15 | Visions of the Past - PARTY | Iewerleng | Aktiv Mammen aus der Gemeng |
| Son 16 | Kiermes | Rippweiler | |
| Son 16 | Cäeciliemass | Iewerleng | Fanfare a Chorale Iewerleng |
| Sam 22 | Kuddelfeck-Iessen | Iewerleng | Iewerlenger Pompjeeën |
| Sam 22 | Cäeciliendag | Useldeng | Harmonie a Chorale Useldeng |
| Son 30 | Chrëschtmaart | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| **Dezember** | | | |
| Frei 05 | Nikloosfeier | Useldeng | Gaart an Heem Useldeng |
| Frei 12 | Chrëschtdaag op der Buerg | Useldeng | Kulturkommissioun |
| Sam 13 | Chrëschtdaag op der Buerg | Useldeng | Kulturkommissioun |
| Son 14 | Chrëschtconcert | Iewerleng | Iewerlenger Fanfare |
| Son 14 | Chrëschtiessen | Useldeng | Senioreforum |
| Sam 20 | Wanterconcert | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| Son 21 | Dëschtennis Jugendtournoi | Useldeng | Dëschtennis Schandel |
| Don 25 | Chrëschtdag | | |
| Frei 26 | Steefesdag | | |
| Mët 31 | Sylvester Party | Useldeng | Cabaret |

## Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange

**Secrétariat** M. Luc Schockmel
Sur rendez-vous

**Population** Mme Maggy Waltzing, M. Pit Lang
Lundi : 14h00 – 19h00
Mardi/Mercredi/Jeudi : 08h00 – 11h30
Vendredi : 13h00 – 17h00

**Service technique** M. Marc Ferber
Sur rendez-vous

**Recette** Mme Tessy Ferber-Anen
Sur rendez-vous

www.useldeng.lu

ADMINISTRATION COMMUNALE D'USELDANGE • 2, RUE DE L'EGLISE / L-8706 USELDANGE • T. 23 63 00 51-1